ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 6. Juli 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden Ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Ouni wëllen an de leschten Detail ze goen, gouf et beim Dikrecher PAG eng Rëtsch Onstëmmegkeeten, déi de Verwaltungsgeriichtshaff an engem rezenten Urteel zu vehementer Kritik um deemolege Buergermeeschter an un der Madamm Banneminister inspiréiert huet. Et ass em de Reklassement vu Bauland gaangen, dat wéinst Iwwerschwemmungsgefor onberechtegterweis ëmklasséiert gi war. Trotz engem Urteel vum Verwaltungsgeriichtshaff huet den Dikrecher Schäfferot mat sengem Buergermeeschter, engem heidege Minister, eng Pattsituatioun am Gemengerot provozéiert a verhënnert, datt d'Proprietären, déi virum Verwaltungsgeriichtshaff Recht kruten, zu hirem komm sinn. D'Madamm Bauteminister, a Kenntnis vun entspriechender Jurisprudenz, hätt dat laut Verwaltungsgeriichtshaff misste verhënneren. Duerfir hunn ech dës Froen:

1. Firwat ass dem Dikrecher Schäfferot am Virfeld net bewosst gemaach ginn, datt de Gemengerot d'Urteel vum Verwaltungsgeriichtshaff ze exekutéieren hätt an datt d'Madamm Minister am Fall, wou eng Reklamatioun virleie géing, gestäipt op d'Urteel vum Verwaltungsgerichtshaff, der eendeiteger Jurisprudenz (41889C) , an engem kloren Urteel vum Verfassungsgerichtshaff, ee "pouvoir de reformation" hätt, egal wei d'Decisioun vum Gemengerot wär?
2. Firwat ass no deenen zwee Votten an dem kloren Urteel vun der Cour Administrative den Dikrecher Schäfferot net opgefuerdert ginn, een drëtte Vott ze huelen, fir déi illegal Prozedur aus der Welt ze schafen? Esou een drëtte Vott ass bekanntlech schonn e puermol gefuerdert ginn, mat dem Argument, et wär "*une façon régulière et efficace, voire même souhaitable dans le cadre d'une bonne administration*", wéi d'Cour Administrative schreift.
3. Sinn et scho Gemenge ginn, déi refuséiert hunn, der Madamm Minister oder engem vun hire Virgänger hir Decisiounen am Kader vu Reklamatiounen zum PAG ze exekutéieren, a wa jo, wat waren d'Konsequenzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten